*M. Alex Bodry (LSAP)*

*Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP)*

*Mme Lydie Err (LSAP) et*

*M. Georges Wohlfart (LSAP).*

Ech gin Akt vun Ärem Eed a proklaméieren Iech domat zu neie Membere vun der Châmber.

## 3. Vérification des pouvoirs et prestation de serment des suppléants

Mir kommen elo zu der Validatioun vun de Pouvoirë vun de Suppléantën, bedéngt duerch d'Kompositioun vun der Regirung a vun de Représentantën am europäesche Parlament.

Mir baséieren eis op den Artikel 57 (1) vun der Verfassung an op den Artikel 3 vun eisem Châmberreglement.

Mir lousen elo 7 Membere fir d'Commission de vérification aus.

D'Kommissioun setzt sech folgendermoossen zesummen:

1. *M. Gusty Graas*
2. *M. Claude Wiseler*
3. *M. Marcel Glesener*
4. *M. Jean-Pierre Koepp*
5. *M. Emile Calmes*
6. *M. Alex Bodry*
7. *M. Fernand Greisen*

Ech géif d'Commission de vérification biede sech an der Salle des Mariages zesummen ze setzen an d'vérification des pouvoirs vun denen neien Deputéierten ze maachen.

Dofir as d'Sitzung elo fir ee Moment ënnerbrach.

***

D'Sitzung geet weider.

D'Wuert huet de President vun der Commission de vérification, den Här Jean-Pierre Koepp.

**M. Jean-Pierre Koepp** *(ADR).*- Monsieur le Président, la commission que vous avez tirée au sort se compose des députés suivants:

1. *M. Gusty Graas*
2. *M. Claude Wiseler*
3. *M. Marcel Glesener*
4. *M. Jean-Pierre Koepp*
5. *M. Emile Calmes*
6. *M. Alex Bodry*
7. *M. Fernand Greisen.*

M. Claude Wiseler a été désigné comme rapporteur et moi-même comme président de la Commission. Je vous prie donc de donner la parole au rapporteur.

Merci.

**M. le Doyen d'âge.**- D'Wuert huet also elo de Rapporteur vun der Commission de vérification, den Här Claude Wiseler.

*Rapport de la Commission de vérification*

**M. Claude Wiseler** *(CSV), rapporteur.*- Monsieur le Président, Mesdames, Messieurs, les élections législatives du 13 juin 1999 ont été validées lors de la séance publique du 13 juillet 1999. La Chambre a pris acte alors de la prestation de serment de 49 députés. Au début de la séance publique d'aujourd'hui, quatre autres députés ont encore prêté serment.

Depuis le 13 juillet 1999, Mme Viviane Reding et Mme Colette Flesch ont accepté leur mandat européen et ont renoncé à leur mandat national.

MM. Jean-Claude Juncker, Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs, Erna Hennicot Schoepges, MM. Michel Wolter et Luc Frieden ont été reconduits par Arrêté grand-ducal du 7 août 1999 dans leur fonction de membre du Gouvernement.

Mmes Lydie Polfer, Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen ont été nommés à la fonction de ministre et M. Eugène Berger à la fonction de secrétaire d'Etat par le même Arrêté.

Il appartient dès lors à la Chambre de vérifier les pouvoirs de leurs suppléants. A cet effet le Président de la Chambre a convoqué à la séance publique d'aujourd'hui les personnes suivantes:

1. *Mme Simone Beissel (DP)*
2. *M. Jeannot Belling (DP)*
3. *M. Xavier Bettel (DP)*
4. *Mme Agny Durdu (DP)*
5. *M. Norbert Haupert (CSV)*
6. *M. Ady Jung (CSV)*
7. *M. Nico Loes (CSV)*
8. *Mme Astrid Lulling (CSV)*
9. *M. Claude Meisch (DP)*
10. *M. Paul-Henri Meyers (CSV)*
11. *M. Laurent Mosar (CSV)*

*12. M. Marco Schroell (DP)*

*13. M. Théo Stendebach (DP)*

*14. M. Nicolas Strotz (CSV) et*

*15. M. Fred Sunnen (CSV)*

La Commission constate que la procédure a été régulière en la forme et recommande à la Chambre de valider les pouvoirs de ces quinze élus.

**M. le Doyen d'âge.**- As d'Châmber domat averstane fir de Bericht vum Här Claude Wiseler unzehuelen?

*(Assentiment)*

Et as also esou décidéiert.

Ech géif déi nei Deputéiert da biede virun de Bureau ze trieden an den Eed ze leeschten, esou wéi en am Artikel 57, 2. Alinéa vun der Verfassung virgesinn as:

"Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'Etat."

Ech bieden Iech déi riets Hand ze hiewen an ze äntwerte mat "Je le jure".

*Les députés suivants ont prêté serment:*

*1. Mme Simone Beissel (DP)*

*2. M. Jeannot Belling (DP)*

*3. M. Xavier Bettel (DP)*

*4. Mme Agny Durdu (DP)*

*5. M. Norbert Haupert (CSV)*

*6. M. Ady Jung (CSV)*

*7. M. Nico Loes (CSV)*

*8. Mme Astrid Lulling (CSV)*

*9. M. Claude Meisch (DP)*

*10. M. Paul-Henri Meyers (CSV)*

*11. M. Laurent Mosar (CSV)*

*12. M. Marco Schroell (DP)*

*13. M. Théo Stendebach (DP)*

*14. M. Nicolas Strotz (CSV) et*

*15. M. Fred Sunnen (CSV)*

Ech gin Akt vun Ärem Eed. Deemno hun ech d'Éier, zu Membere vun der Châmber ze proklaméieren: d'Mme Simone Beissel, d'Häre Jeannot Belling, Xavier Bettel, d'Mme Agny Durdu, d'Hären Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, d'Mme Astrid Lulling an d'Häre Claude Meisch, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marco Schroell, Théo Stendebach, Nicolas Strotz a Fred Sunnen.

## 4. Election du Bureau de la Chambre des Députés

Dir Dammen an Dir Hären, mir wielen elo de Bureau vun der Châmber.

Mir wiele fir d'éischt de President.

Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert gefrot.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Här President, mir vun der CSV schloen Iech nach eng Kéier als President vun der Châmber vir.

**M. le Doyen d'âge.**- Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Här President, ier mir zu der Bestëmmung vum Bureau kéimen, hätt ech nach eng Remarque ze formuléieren iwwer d'Zuel vun de Leit, déi am Bureau solle vertruede sin. Ech wëll gär eppes dozou soen.

Mir hun am Bureau eng Opdelung, déi u sech och déi Opdelung erëmspigelt, déi mir herno nach an de Kommissiounen diskutéiere wäerten. Dofir wëll ech elo doriwwer schwätzen. Ech fannen, datt dat, wat mir hei amgaang sin ze maachen, nët deem entsprécht, wéi d'Gewiichtung hei an der Châmber as.

An der Commission de Travail war méng Fraktioun op alle Fall extrem iwwerrascht, wéi déi Majoritéit hei op eemol eng Propositioun gemaacht huet, wat d'Zuel vun de Leit am Bureau, wéi och an de Kommissiounen ugeet, déi exakt där entsprécht, déi mir virdrun haten. Or, et mengt een awer nët, datt Wale stattfond hun. Et gët wuel eng nei Majoritéit, mä d'Gewiichtung tëschent Oppositioun a Majoritéit as awer nët méi déi, déi se war.

Virdrun hate mir eng Opdelung vu 7 zu 4. Dat huet quasi bis op d'Stell hannert dem Komma der Gewiichtung hei an der Châmber entsprach. Dat war eng Majoritéit, déi hei 38 zu 22 ugetrueden as. Elo hu mir eng Majoritéit déi 36 zu 24 untrëtt. An elo wëllt d'Majoritéit eis hei obligéieren, fir déi selwecht Gewiichtung vun där méi staarker Majoritéit elo och hei bei enger méi schwaacher Majoritéit virzehuelen.

Wann een awer d'Rechnung mécht, da kënnt een zu enger Opdelung vu 6 zu 5, jee nodeem wéi een op- oder ofrënnt. D'Propositioun, déi ech perséinlech am Numm vun eiser Fraktioun gemaacht hat, war déi, fir eng Opdelung vu 7 zu 5 virzehuelen. Et soll ee klorstellen, datt et Majoritéite gin; am Bureau an an de Kommissiounen.

Dat wären da 7 Leit fir d'Majoritéit a 5 Leit fir d'Oppositioun. Dat entsprécht nët genee der Proportioun, mä dat as d'Propositioun déi mir gemaacht hun. Déi as méi gënschteg fir d'Majoritéit, wéi d'Rechnung et ergët, wann een déi ganz strikt mécht. Ech hu bedauert, datt Dir higaange sid, an dat absolut ënnergebottert hut. Ech si sprachlos. Wat hätt dat do geännert? Hut Dir Angscht, datt Dir Är Truppen an de Kommissiounen nët beieneen hut?